# Frankfurter Buchmesse ouni lëtzebuergesch Éditeure

Sylvie Flammang

Lëtzebuerg a Groussregioun europäesch Kulturhaaptstad 2007 huet op senger Pressekonferenz vum 2. Oktober an der Stater Cinemathèque en Deel vu sengem Kulturprogramm a säi Publizitéitsspot presentéiert.

D'Promotiounscampagne ass also lancéiert.

Wat hei zu Lëtzebuerg bal kee Mënsch wosst, «2007» hat dëst Joer och e Stand op der Frankfurter Buchmesse, an déi rumänesch Partnerstad Sibiu huet vun dëser internationaler Plattform profitéiert, fir hiert Kulturjoer bekannt ze maachen.

Vermësst op der Buchmesse huet een awer dës Kéier de gemeinsame Stand vun de lëtzebuerger Éditeuren.

Zanter 25 Joer hu sech eng 14 lëtzebuerger kleng Editiounsheiser Joer fir Joer mat engem gemeinsame modeste Stand op dëser weltwäit gréisster a wichtegster Bourse fir Rechter a Lizenze vu Bicher presentéiert. Et ass hei wou d'Éditeure Kontakter fir déi sou wichteg Co-Editiounen an Iwwersetzunge knëppen. Et ass deemno hei wou Ëmsätz gemaach gëtt, ma och wou d'Literatur ufänkt ze reesen. Et ass och hei wou ee sech nei Iddien hellt a méi iwwert d'Literatur an d'Kultur vun engem anere Land gewuer gëtt.

Wéisou war dann d'lëtzebuerger Federatioun vun den Éditeuren grad dëst Joer – just virum Optakt vun 2007 – net zu Frankfurt?

Wei den Albert Daming, President vun der Federatioun erkläert huet, kritt d'Federatioun, hirer Conventioun mam Kulturministère no, zanter 10 Joer eng fix Somme vun ongeféier 50 000 Euro fir mat der lëtzebuerger Literatur kënnen op Foiren ze goen. Mëttlerweil ass alles méi deier ginn, och en Emplacement op enger Bicherfoire. A well déi lëtzebuerger Federatioun um salon du livre zu Paräis Prozenter kritt, huet se sech fir 3 Joer do verflicht a wëllt hiren «almoudesche Stand» moderniséieren, méi attraktiv maachen. An dat schléit natierlech an d'Geld.

Dofir hat d'Federatioun beim Ministere elo e Subside vu 70 000 Euro gefrot. Well awer keng Augmentatioun genehmegt gouf, hunn d'Éditeuren décidéiert, dëst Joer d'Geld vu Frankfurt ze spueren, «an dat an der Hoffnung, datt de Ministère doduerch waakreg gëtt», wéi den Albert Daming sot.

Op alle Fall, et ass schued, datt d'Federatioun vun den Éditeuren net wosst, datt «2007» zu Frankfurt e Stand geng organiséieren.

De Kulturministère wollt d'Éditeuren, dat heescht d'lëtzebuerger Bicherwelt, vun «2007» getrennt halen an huet deemno net proposéiert, geschweige da gehollef, datt d'Éditeuren an d'lëtzebuerger Schrëftsteller zesumme mat «2007» an enger eemooleger Synergie, e gréisseren an animéierte Stand op der Frankfurter Buchmesse kéinten opzéie fir Kultur a Literatur vu Lëtzebuerg net nëmme mam Ausbléck op 2007 ze promovéieren.

*Kulturkronik um radio 100,7 all Dënschdes um 07.55 an 12.50*

*Kulturkronik vum 17.10.2006*

*D'Sylvie Flammang ass Kultur-Journalistin beim radio 100,7.*

radio 100,7

**Iwwer Joer an Dag: 150 Joer Staatsrot**

all Méindeg am November um 09h05 an 19h30 mam Roger Seimetz

6.11. De «Staatsrot» virun 1856
Beweegten Zäiten, wou Lëtzebuerg nach juristesch Kannerschong dréit. Oder?

13.11. Gebuert vum Lëtzebuerger Staatsrot 1856
Eng wichteg Gebuertsstonn an enger juristesch a politesch schwéierer Zäit.

20.11. A schwéieren Zäiten ass gudde Staatsrot deier

27.11. Renaissance an Zukunftsperspektiven
D'Gesetz vu 1996 gesäit vir, datt de Staatsrot eng méi aktiv Roll bei der Legislatioun huet, hie mécht allerdéngs siele Gebrauch dovun. Kéint de Staatsrot net souwisou eng aner Roll spillen, wéi déi, déi hie bis elo huet?